N°3603
Entrée le 05.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.02.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Et ass gängeg, dass hei am Land Gemengen hir Gebaier oder Terrainen u Privatpersounen oder Privatfirme verlounen. Oft ass et esou, dass d'Gemeng iwwert dëse Wee versicht, fir kulturell, ekologesch oder sozial Aktivitéiten unzekuerbelen an esou d'Liewensqualitéit an enger Lokalitéit ze verbesseren. Am Sënn vum Gemengegesetz sollen dës Aktivitéiten dem kommunalen Intressi zeguttkommen.

Et gi Gemengen, déi dat kommunaalt Intressi wäit ausdeenen an och kommerziell Aktivitéiten an hirer Gemeng opbauen, wéi zum Beispill an der Gastronomie, wat awer eng privat wirtschaftlech Aktivitéit ass. Wat oft gemaach gëtt, ass, dass d'Gemeng Gebaier, déi hir gehéieren, zu engem reduzéierte Loyer u Privatfirme verlount.

Dës massiv Reduktioun vum Loyer wërft eng Rei vu juristesche Bedenken op, speziell beim Konkurrenzrecht souwéi bei de Reegele vu staatleche Bäihëllefen. Et stellt sech ee Bedenke vun der Fairness: firwat sollt nëmmen eng Firma jorelaang vun engem bëllege kommunale Loyer profitéiere kënnen, wärend aner Betriber kucke mussen, wéi se hire volle Loyer bezuelen?

No Informatiounen, déi mir virleien, huet eng Gemeng ee Restaurant, deen hir gehéiert, ursprénglech zu engem Monatsloyer vun 2.800 Euro ausgeschriwwen an och zu dëse Konditioune verlount. Dem nächste Locataire huet d'Gemeng, fir dat selwecht Gebai, de Loyer op nëmme 500 Euro, de Mount reduzéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Dierf eng Gemeng ee Gebai zu engem Präis verlounen, dee massiv ënnert Marchésloyer leit a falls jo, wéi eng Krittäre mussen hei beuecht ginn, am Sënn vum Konkurrenzrecht, vum kommunalen

Interessi a betreffend dem Gläichbehandlungsprinzipp?

2. Ass d'individuell Reduktioun vun engem Loyer duerch eng Gemeng ëmmer als eng staatlech Bäihëllef ze bewäerten?

3. Huet den Inneministère an der Vergaangenheet Bäihëllefe vu Gemengen annuléiert, well se net am Sënn vum Konkurrenzrecht, vum kommunalen Interessi a betreffend dem Gläichbehandlungsprinzipp?
   Falls jo, wéi vill waren dat zënter 2019?

4. Ass den Inneministère der Meenung,
   - dass ee Loyer vu 500€ (dee virdrunner op 2.800€ fixéiert war);
   - fir eng Restaurantsaktivitéit ze subventionéieren (an enger Gemeng, wou schonns onzielege Restauranten existéieren);

   d'Konkurrenzrecht respektéiert an dem kommunalen Interessi zegutt kënnt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten